## *D'Migratiounspolitik vu Lëtzebuerg a vun der EU ass gescheitert!*

*Pressematdeelung vum 9. November 2023*

Asylbewerber riichten zu Lëtzebuerg Zelter ënnert der Neier Bréck op. Dat ass sécherlech eng dramatesch Situatioun fir déi betraffe Leit, déi trotz hirem Wonsch eng Demande op Asyl ze stelle keen Ënnerdaach hunn an op der Strooss musse schlofen. Allerdéngs ass et och eng logesch Konsequenz vun där verfeelter Migratiounspolitik, déi d'Lëtzebuerger Regierung an och d'Europäesch Unioun bedreiwen.

Grad ewéi aner Länner, stéisst och Lëtzebuerg u seng Grenzen. Eng éierlech Politik géing viraussetzen, datt een net d'Aen zouméecht, mee datt ee sech déi Grenzen agesteet, si akzeptéiert a gemeinsam no Léisunge sicht. Et kënnen net nach méi Migranten opgeholl ginn, ofgesi vun deenen, déi tatsächlech e Recht op Asyl hunn oder déi iwwer legal Weeër areesen.

D'Heemer sinn iwwerfëllt, déi vill Better all beluecht an d'Flüchtlinge konkurréiere mat den Inlänner ëm déi wéineg Sozialwunnengen. D'Integratioun funktionéiert schlecht, de Bildungssystem ass iwwerfuerdert a vill Flüchtlinge ginn och no Joren nach net schaffen, mee liewe vu staatleche Sozialhëllefen.

Fir d'ADR sinn d'Léisungsusätz kloer:

- Irregulär Migratioun op Lëtzebuerg an an d'EU gëtt gestoppt. Aner Länner, wéi beispillsweis Australien, maachen et vir. Et ass machbar!
- D'Asylrechtskonventioune ginn endlech agehalen, ewéi och déi europäesch Rechtsakten, déi virgesinn, datt d'Demanden am Ankunftsland behandelt ginn.
- All direkt an indirekt Schleiseraktivitéite gi resolut bekämpft an haart bestrooft.
- Den Asylmëssbrauch gëtt gestoppt. Vill Asylbewerber sinn eigentlech Wirtschaftsmigranten an hunn domat kee Recht op Asyl.
- Asylbewerber, deenen hir Demande ofgeleent gëtt oder déi stroffälleg ginn, gi séier an ouni ëmständlech Prozeduren ausgewisen.
- D'Asylakte gi reegelméisseg iwwerpréift: Wie kee Schutz méi brauch, muss zeréck a säi Land. Asyl ass net dat selwecht ewéi Immigratioun an ass zäitlech begrenzt.
- International Accorde ginn ausgehandelt, fir Réck- an Iwwerféierungen an aner sécher Staaten ze erméiglechen.

Déi meeschte Memberstaate vun der EU applizéiere vill méi streng Reegelen ewéi Lëtzebuerg. An déi puer, déi bis elo änlech verfuer sinn ewéi mir, sinn amgaangen hir Positioun ze änneren. Et gëtt héich Zäit, datt och Lëtzebuerg sech fir eng aner a méi realistesch Migratiounspolitik entscheet! Mir hoffen, datt d'DP an d'CSV endlech en anere Wee aschloen.

*Matgedeelt vun der ADR*


| | | | |
|---|---|---|---|
| ADR – Groupe parlementaire | 25, Ënneschtgaass | L-2240 Luxembourg | Tel. : (+ 352) 463742 |
| ADR – Parti politique | 11, Biirkelterstrooss | L-6552 Bäerdref | Tel.: (+352) 2620 3706 |